1-2019-O-R-5607-01 (n°3070)

PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Dépôt: Clement Sven
Gesetzesprojet PL 7500 & 7501

Lëtzebuerg, den 18ten Dezember 2019

5

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest :**

- Datt digital Servicer, déi vun ëffentleche Verwaltungen benotzt ginn, d'kritesch Infrastruktur vum 21. Joerhonnert duerstellen ;
- Fir zouverlässeg Systemer ze etabléieren, mussen d'ëffentlech Instanzen sécherstellen, d'Kontroll iwwert hier digital Infrastruktur ze hunn ;
- Datt restriktiv Softwarelizenzen d'Deelen vu « public funded codes » verhënneren, wat eng Kooperatioun tëscht ëffentleche Verwaltungen onméiglech mécht ;
- Restriktiv Softwarelizenzen d'Bildung vu Monopoler ënnerstëtzen an d'Kompetitioun tëscht den Developpeuren verhënneren ;
- Datt d'ëffentlech Instanzen ofhängeg vun enger handvoll IT-Firme ginn;
- Datt restriktiv Softwarelizenzen den Accès zum Quellcode verbidden a soumat eng Gefor fir d'Sécherheet vun der digitaler Infrastruktur duerstellen. D'Flécken vu Sécherheetslücken ass doduerch extrem schwéier, bis onméiglech.

**Mir wëssen datt :**

- Fräi an oppen Software e modernen ëffentleche Bien ass, deen et jidderengem erlaabt Logiciellen fräi ze notzen, ze studéieren, ze deelen an ze verbesseren ;
- Fräi an oppen Software e Géigepol duerstellt zu zouenen, restriktive Lizenzen vun enger handvoll IT-Firmen, déi Konkurrenz verhënneren ;
- Fräi an oppen Software et erlaabt Sécherheetslücken ze eliminéieren, ouni vun engem Softwareprovider ofhängeg ze sinn .

**Mir invitéieren d'Regierung dowéinst :**

- Fräi an oppen Software an ëffentleche Verwaltungen aktiv ze ënnerstëtzen an verstäerkt ze promouvéieren.
- All nei entwéckelt, staatlech finanzéiert, Logiciellen als Open Source veröffentlechen.

Sven Clement